



AGO vum 29. Abrëll 2013

AKTIVITÉITERAPPORT

- De Comité huet sech säit der leschter AGO (24.04.2012) mat Ausnahm vum August an Dezember 2012 all Mount op d'mannst eng Kéier begéint.
- De Comité hat zousätzlech Reunione mat
 - dem Schefferot vum Duelem (02.05.12) wou e.a. ee Projet fir eng Signalisatioun vum archeologesche Site am Duerf agereecht gin ass, weider ass iwert d'Parksituatioun, den Entretien vum den Anlaagen (Vicus an Theater), d'Haus Simon an den Racé N13/CR153 geschwat gin
 - der Madame Minister Modert a Verrieder vum SSMN (09.07.12) wou e.a. Ricciacus Frënn de Projet Signalisatioun presentéiert hun. Mir sin iwert de Stand vum den Arbéchten am Haus Simon informéiert gin an hu nach folgend Themen ugeschwat: eng Table d'orientation beim Adler, den Entretien (Vicus an Theater), d'Revalorisatioun vum Vicus, d'Legatioun vum enger Bibliothék (500 Bicher zum Thema Réimer)
- D'Ricciacus Frënn hu vu Juni bis September incl. all Week-End den Accueil touristique (15h – 18h) beim Theater assuréiert. Ee grouse Merci un eis 2 Studente Christoph Macedo a Noah Karmeyer fir hier Mathëllef ouni déi mir déi vill Stonne Presenz net hätte kënnen garantéieren. All éischte Sonnden am Mount an op Ufro si geféiert Visiten ofgehale gin.
 - 147 Visiteurs tëscht Juni a September bei eise „portes ouvertes“
 - 83 Visites guidées
 - 4 Guiden an 2 Studenten
- D'Ricciacus Frënn ware vertraueden op verschiddenen Evenementer/Aktiounen:
 - „Grouss Botz“ Aktioun vum der Gemeng Duelem
 - „Te Deum“ fir de Nationalfeierdag
 - Reunione vum Leader Group Miselerland wou d'Ricciacus Frënn Member sin
 - 26.09.12 eng Veranstaltung vu „Strasser der Römer“ am Landesmuseum zu Tréier (D)
 - 21.02.13 Pressekonferenz vum Kulturministère an SSMN zum Energiekonzept fir d'Haus Simon
 - 21.02.13 Visite vum der Tagungsgesellschaft „Thermae in Context“ zu Duelem, mat Eierewäin an Owendiessen offeréiert vum der Gemeng Duelem
 - 22.02.13 Internationale Colloque „Thermae in Context“, Abtei Neimënster (60 Participants, 9 Länner)
 - 20.-21.04.13 International Reenactment Messe, Villa Borg (D)
 - mir sollten ugangs Dezember um Chrëschtmaart zu Munneref Deel huelen, ass awer net zu Staane komm w/ engem Mëssverständnis tëscht den Akteuren



- D' Ricciacus Frënn hun 2 Ausflig organiséiert:
 - 09.06.12 Visite guidée vun der Ausstellung „Sous nos pieds“ am MNHA
 - 08.07.12 Ausflug op Bavay (F) mat geféierter Visite vum réimesche Forum, dem animéierten 3D Film iwert de Forum an dem archäologésche Musée vu Bavay (Voyage Altmann, 17 Participants)
- Weider Aktivitéite vum Veräin a sengem Comité
 - Projet „Signalisation“ beim Schefferot vun Duelem agereecht
 - Ennerhalt vum Dokumentatiounszentrum beim Theater
 - Uschaaffung vun engem Roll-Up an engem Beach-Flag fir eng besser Visibilitéit bei Events
 - 10.01.2013: den Internet Site www.ricciacus.lu ass no enger Mammutarbécht vun engem gudde Joer Online gaang (ee besonnesche Merci un d'Online-Redactioun Laure Junker a Joëlle Wax)
 - 24.04.2013: Lancement vun der elektronischer Newsletter mat Aktualiséierungsaktioun vun eiser Member-Kartei

Weider Informatiounen a Fotomaterial zu deem engen oder aneren Evenement fann dir an der VERANSTALTUNGSSCHRONIK um Internet Site vum Veräin www.ricciacus.lu

zesummegestallt a virgedroë vum Max Conzémus

Secrétaire vun de Ricciacus Frënn

contact@ricciacus.lu